Äere beschtSTen Comité

Petry Joyce pjoy88@yahoo.de *Présidente*	Ludwig-Windhorststraße 11 D-76187 Karlsruhe +49 / 177 23 89 867 +352 / 661 88 29 08
Wildgen Joe joe.wildgen@gmail.com *Secrétaire*	Steinstraße 27a D-76133 Karlsruhe +49 / 176 38 23 13 44 +352 / 621 64 68 55
Roth Yves ryxolu@gmail.com *Trésorier*	Philippsstraße 4 D-76185 Karlsruhe +49 / 151 29 11 08 94 +352 / 691 91 50 70
Elcheroth Eric aelcheroth@yahoo.de *Secrétaire adjoint*	Amalienstraße 31 D-76133 Karlsruhe +49 / 151 25 67 52 10 +352 / 691 73 58 95
Thines Pit pit_thines@hotmail.com *Commissaire aux sports*	Werderstraße 87 D-76137 Karlsruhe +352 / 621 64 70 28
Linster Bob bob.linster@gmail.com *Affaires Culturelles*	Amalienstraße 31 D-76133 Karlsruhe +49 / 151 25 67 51 60 +352 / 691 79 44 67
Mentgen Felix f3lixm@hotmail.com *Délégué ACEL / ANEIL*	Rudolfstraße 9 L-76131 Karlsruhe +49 / 721 47 06 790 +352 / 621 63 34 50
Thillen Heng *Coopté*	heng@diekirch.org

Den AELK Summerprogramm 2010

LETZEBURGER STUDENTEN AELK ZU KARLSRUHE 05

www.aelk.lu

Ee grousse Merci un eis Sponsoren!!!

De Summer ass lass

Allerléifsten, frësch erhollenen, fitten a gesonde Member, de Wanter as riwwer (gëtt zumindest gemunkelt) an di éischt Sonnestrale loossen sech och rëm blécken. Dëst weist drop hin datt et rëm Zäit gëtt sech an de Park ze tesselen, d'Sonn ze genéissen a mam Frisbee friem Leit unzeschéissen. Fir datt Dir eis net ënnert der Sonn verkommt a bëssen Ofwiesslung an ärem triste Studentenalldag hutt, bitt d'AELK Iech folgende Programm, sou datt d'Summersemester nach méi sonnech gëtt…

Mëttwochs, 14. Abrëll – Paintball zu Haguenau
Nodeems mer schon d'lescht Joer mat de Strossbuerger duerch de Reen an de Bulli gekroch sinn get et och dëst Joer rëm héich Zäit eis Noperen an Grond an Bueden ze schéissen.

Donneschdes, 22. Abrëll – Halereservatioun
Wéi di Joren firdrun wëlle mer och dëst Joer probéieren den Beachvolleyballsterrain souwéi eng Hal vum Sportinstitut ze kréien fir eis bëssen am Sand respektiv um haarden Bueden ze wenzelen. Dofir wier et natierlech och rëm gutt wann puer Memberen Moies um 8 Auer am Sportinstitut wieren fir mat ee Lous zéien ze goen. Desto méi Leit do sinn desto besser Chancen hu mer ee gudde Lous ze zéien. Weider Infoen ginn et beim Sportminister.

Samschdes, 24. Abrëll – Dag am Mee
Nodeems en d'lescht Joer net statt fonnt, huet wëllen mir als AELK den Dag am Mee dëst Joer am Abrëll hei zu Karlsruhe vun den doudegen operstoen loossen. Hei geet et ëm een prestigiéise Sporttournoi wou mer eis mat puer Cerclen aus der Ëmgéigend am Beachvolley an am Fussball d'Käpp aschloen wäerten. No den Ustrengungen zéien mer dann mat eisen Noperen duerch d'Karlsruher Nuetsliewen. Dem Sportminister seng Adress ass pit_thines@hotmail.com, mellt iech bei him wann der motivéiert sidd eis Karlsruher Éier ze verteidegen.

Dënschdes, 27. Abrëll – 'Pub-Cup' – Disziplin 1: Billard am Fast Break
Am Platz vun dem Billardstournoi hu mir eis geduecht dass mer dest Joer iwwer puer Deeg een bëssen méi breeden Ausfluch an d'Welt vun den Café-Sportaarten maachen. Mir wäerten eis 3-mol Owes treffen wou mer jee eng 'Sportaart' duerchhuelen fir um Enn mat engem onmoosseg komplizéiert an oniwwersiichtlechem mä onfehlbaren Punktesystem een AELK-Café-Champion ze kréinen. Weider Informatiounen wäerten kuerz firdrun per E-mail verschéckt ginn.
Deen éischten Owend starten mer am Fast Break der Kinnëksdisziplin Billard. (vis-à-vis vun der Bierakademie, Douglasstrasse 11-13)

Donneschdes, 6. Mee – 'Pub-Cup' – Disziplin 2: Dart am LaCage
Nodeems mer eng gutt Woch Zäit haten eis vun den Efforten vum Billardstournoi ze erhuelen, geet et dann dës Kéier ëm eng roueg Hand an gutt Nerven.

Mëttwoch, 12. Mee – Beerpong-Tournoi a.k.a. Fréijoersbal am CHAMELEON
Dëst Joer verschléit et eis fir eise Fréijoersbal op Dikrech. Um Programm steet ee Beerpong Tournéier. Déi Leit déi matmachen mussen ee klengt Participatiounsgeld bezuelen (kréien awer dofier och mindestens 1,5l Béier ze 'genéissen') mä fier all di aaner as d'Entrée fräi, deemno kee Grond net dohin ze kommen.

Méindes, 17. Mee – 'Pub-Cup' – Disziplin 3 : Poker am Z10
Pakt är Sonnebrëller an Kapen aus, op dësem leschten Dag vum AELK-Tournoi si gutt Mënschekenntnisser an eng gutt Hand gefrot. No Full House, Flush a co. gëtt et dann och een Gewenner vun der éischter Oplaag vum Pub-Cup, deen dementspriechend och gebührend gefeiert an belount gëtt.

Donnechdes, 20. – Méindes, 24. Mee – Clubrees op Dublin
AELK goes Dublin, op ee gudde Guiness an gréng Kobolden…

Donneschdes, 3. Juni – Een Dag zu Freiburg
Op Fronleichnahm woe mer een Ausflug op Freiburg, wou mer eis ee klengen Iwwerbléck iwwert eis Nopechstiedchen wäerte verschafen.

Samstes, 12. – Sonndes, 13. Juni – 55 Joer AELK
Wéi muncheree scho weess gouf d'AELK 1955 gegrënnt, sou dass eise Club lo schon 55 Joer laang Karlsruhe onsécher mécht. Nodeems mer am Februar schon am klenge Krees ee Patt op d'AELK geholl hunn wëlle mer dat ganzt och nach eng Kéier an engem bësse méi offiziellen a groussem Kader feieren. Dofir luede mer eis Ancienen op Karlsruhe a fir dat mir iwwert dës 2 Deeg zesummen op d'AELK ustousse kënnen.

Donneschdes, 16. Juni – Bëschspill
Mir treffen eis Owes am Park fir bëssen duerch de Bësch ze robben. Fir den Duscht ass gesuecht...

Mëttwochs, 23. Juni - Baggerséifest
Fir de Lëtzebuerger Nationalfeierdag och zu KA richteg ze feiere fuere mir raus op ee Baggerséi a loossen eis et een Dag laang gutt goen. Fir déi néideg Verpflegung wäert d'AELK suergen.

Freides, 2. Juli – Vëlosheemrees, Samschdes, 3 Juli – AAELK-AELK Match
Fir déi 24. Kéier fuere mir Moies um 5h(!) mam Vëlo zu Karlsruhe fort fir no 250km um 17h pénktlech um Haaptsiège vun der Dexia unzekommen. Dëst steet natierlech rëm am Kader vun engem gudden Zweck.
Direkt den Dag no der Vëlosheemrees triede mer dann um Fussballsterrain géint eis Ancienen un.

Freides, 16. Juli – ACELs-Bal
Als läscht Aktivitéit vum Studentejoer deele mer eis mat de Stroossbuerger e Stand um ACELs-Bal.

Wichteg: Dëse Programm ass ouni Gewier, Ännerunge stinn op www.aelk.lu!!!
D'Zeitunge fannt der an der Mensa am Büro vun der UStA riets am Regal. No der Lecture sollen d'Zeitungen erëm op hier Plaatz kommen, oder dier geheit se an en Dreckseemer.

Weiderhin treffen mer eis all Mettwoch op een gudden Patt am Z10 wou mer dann och an engems d'Welt verbesseren...